

10. 5736 - **Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Croatie dans les domaines de la culture, de l'éducation, de la science, de la jeunesse et du sport, signé à Zagreb, le 22 février 2007**

*Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture*

» **M. Marcel Oberweis** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Madame Statssekretärin, an deem virleiende Projet de loi steet e weidere Kooperationsvertrag am Mëttelpunkt, deem tëschent der Republik Kroatien a Lëtzebuerg. Den Accord ass an der Haaptstad Zagreb den 22. Februar 2007 ënnerschriwwen an an der Chamber den 18. Juni deposéiert ginn.

De Statsrot huet säi positiven Avis den 9. Oktober eragereecht an d'Chamberskommissioun fir Héichschoul, Recherche a Kultur huet an hirer Sitzung vum 6. Dezember den Accord virgestallt kritt. De Rapport ass an der Kommissioun de 17. Januar eestëmmeg ugeholl ginn.

Mat Datum vum November 2007 hat Lëtzebuerg scho mat 31 Länner esou Kooperationsverträge ausgehandelt. Wann och déi wirtschaftlech Accorden tëschent eisem Land an anere Länner fir eise Wuelstand vun Interesse sinn, esou dierf een awer net vergiessen, dass e Plus vun dësen Accorden net ënnerschätzt soll ginn. Fir ons Partnerlänner stelle si sécher eng grouss Beräicherung duer, an dat göllt bestëmmt och fir d'Republik Kroatien, eng Deelrepublik aus dem fréiere Jugoslawien, mat där mir haut dësen Accord da ratifizéiere wëllen.

Kroatien huet 4,5 Milliounen Mënschen an zeechent sech - dat kënnen e puer Leit heibanne sécher bezeien, déi schonn do waren - duerch eng grouss Variatioun vu Landschaften aus. Dat geet vun dem Adria-Klima bis hin zu wüstenähnleche Géigenden am Hannerland vum Balkan.

Dierf ech drop hiweisen, dass Lëtzebuerg awer scho mat deem fréiere Jugoslawien een Accord am Joer 1973 ënnerschriwwen hat. Awer dunn, no dem Ëmbroch op dem Balkan an der Kreatioun vun neien onofhängege Länner, hu mir gemengt, et wier wichteg mat dëse Länner och erëm nei Accorden auszehandelen. Mat Slowenien, der Slowakei an Tschechien sinn dës Accordë schonn ënnerschriwwen an och ratifizéiert ginn.

D'Haaptelementer vun dem virleienden Accord mat Kroatien leien an de Beräicher Kultur, Educatioun, Wëssenschaften, Jugend a Sport, also eng ganz Palette vun Aktivitéiten. Ech wëll hei net op all d'Detailer vun dem Accord agoen. Dat ass am schrëftleche Rapport festgehalen ginn. Vlächcht e puer erausgepickt.

Éischtens, am Beräich vun der Educatioun soll et zum Austausch vun Experten an och vu Schüler tëschent onse béide Länner kommen. An deem Zesummenhang solle Séminairen a Konferenzen organiséiert ginn, fir dass et zum Austausch vu Wësse kënn, an dat am Sënn vun der Lissabon-Strategie. Dëse Prozess verlaangt vun ons alleguerten, d'Wëssensgesellschaft vu muer opzebauen, fir dass d'Europäesch Unioun mat deenen anere grouse Wirtschaftsblick mathale kann.

Am Beräich vun der Kultur sinn eng Rei vu Méiglechkeete virgesinn; esou ënner anerem an de Beräicher Cinéma, Musek, Theater, Literatur an och Konscht. Grad an dem zesummewuessenden Europa ass et wichteg, dass sech ons Jonk aus verschid-

dene Kulturkreesser begéinen an domat munch Viruerteeler hannerfrot an och ofgebaut kënnen ginn.

Zweetens, am Héichschoulwiese soll vill Wäert drop geluecht ginn, dass d'Enseignanten, d'Chercheuren an d'Studenten hiert Wëssen austausche kënnen. Hei ass bestëmmt ons Universitéit gefrot, an déi wäert hei eng Logeplaz anhuelen, fir duerch hir Fuerschungsaktivitéiten d'Kooperatioun mat Kroatien opzebauen. Zum Beispill duerch d'Ausrichte vu Symposien oder Kongresser mat internationalem Charakter.

Am drëtten Beräich, deem vun der Jugend a vum Sport, do kann et och zum Austausch vu Sportsgruppe kommen. Et gëtt am Accord drop higewisen, dass et zu sportlechen Evenementer an onsen zwee Länner soll kommen.

Här President, ouni wëllen hei an d'Geschicht anzegoen, ech hunn et am Rapport geschriwwen, wëll ech awer zwee Punkten aus der rezenter Vergaangenheet eraushiewen. Genau wéi onst Land ass Kroatien och ee Land, dat an der Schnëttstell vun zwee Kulturkreesser läit. Engersäits am westlechen Deel mat dem chrëschtlechen Abendland, op der Ostsäit mat dem ottomanesche Räich. Dat huet mat sech bruecht, dass Kroatien genau wéi mir eng wiessellvoll Geschicht matgemaach huet.

Leider ass Kroatien duerch d'Auserneefale vun dem fréiere Jugoslawien am Joer 1991 duerch eng ganz schwéier Zäit gaangen. De Krich um Balkan huet batter Spuren hannerlooss. Net nëmmen un de Gebaier, mä och an den Härzer vun de Mënschen.

Lëtzebuerg huet awer schonn en Accord mat Kroatien op dem Gebitt vun dem Déminage den 23. Juli 2002 ënnerschriwwen. Ëmmerhi wore méi wéi 700.000 Landmänner ze sichen an och ze entschäerfen; wuel eng schwéier Hypothék aus dem Balkankrich. An engem weideren Accord vum 17. Juni 2003 ass déi Kooperatioun nach verdéift ginn.

Vu dass de virleienden Accord de coopération awer mat Liewen erfëllt ka ginn, muss e Comité de coopération an d'Liewe geruff ginn, mat gläich ville Memberen aus onse béide Länner.

Dem Comité seng Aufgab ass et, Projeten auszeschaffen an d'Mënschen dran anzubannen. No fënnef Joer soll den Accord dann tacitement fir weider fënnef Joer virugeféiert ginn. Eng éischt Aktivitéit schonn am Virfeld ass am Februar/Mäerz d'lescht Joer ofgelaf. Dat wor eng Ausstellung vun dem Kënschtler Roger Bertemes a Kroatien.

Vlächcht dierf ech och drop hiweisen, dass d'Aussiicht vun der Adhésioun vu Kroatien an d'Europäesch Unioun hei zu Lëtzebuerg am Oktober 2004 ugefaangen huet; an déi jo elo hire weidere Wee mécht. An doniewent ass Kroatien och am Joer 2002 an Aussiicht gestallt ginn, Member vun der NATO ze ginn.

Duerch dësen Accord, dee mir haut mat der Republik Kroatien ratifizéieren, wëllt Lëtzebuerg säin Undeel zur europäescher Kooperatioun an de Beräicher vum Sozialen a Kulturelle leeschten.

Ech bréngen dofir och den Accord vu menger Fraktioun mat a soe Merci fir d'No-lauschteren.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Oberweis. Och bei dësem Projet gesinn ech, dass d'Fraktiounen alleguerten d'Konklusioun vum Här Oberweis deelen. Duerfir proposéieren ech, dass mer och hei zur Ofstëmmung kommen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5736 ass eestëmmeg ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par Mme Martine Stein-Mergen), Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Roland Schreiner), Romain Schneider (par M. John Castegnaro), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger (par Mme Colette Flesch), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Fernand Etgen) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Henri Kox), Félix Braz (M. Claude Adam),*

*Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Camille Gira);*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn domat um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 17.47 heures)**

Sommaire des séances publiques

Hommage à la mémoire de Mme Marcelle Lentz-Cornette, Députée honoraire page 258

Communications pages 258-259

Octroi du titre honorifique de leur fonction à des anciens députés page 259

5681 - Proposition de loi relative à la modification de la loi modifiée du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention - Article 63 du Règlement (Prise en considération) page 259

Ordre du jour page 259

Heure de questions au Gouvernement

- Question N°237 du 29 janvier 2008 de M. Gilles Roth relative à la désindexation des contrats conclus par les communes, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire page 259

- Question N°238 du 28 janvier 2008 de M. Romain Schneider relative au contrôle de la qualité des prestations de l'assurance dépendance, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale page 259

- Question N°239 du 29 janvier 2008 de Mme Marie-Josée Frank relative à l'installation éventuelle de «maisons médicales» dans la région Est du pays, adressée à M. le Ministre de la Santé et à M. le Ministre de la Sécurité sociale page 260

- Question N°240 du 28 janvier 2008 de Mme Claudia Dall'Agnol relative à la recommandation 1777 de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe relative aux agressions sexuelles liées aux «drogues du viol», adressée à M. le Ministre de la Santé page 260

- Question N°241 du 29 janvier 2008 de M. Marco Schank relative à la réforme de la loi électorale et notamment le rapprochement des délais d'inscription sur les listes électorales de la date des élections, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire pages 260-261

- Question N°242 du 28 janvier 2008 de M. Roger Negri relative à l'extension routière du CR34 entre Bertrange et Strassen, adressée à M. le Ministre des Travaux publics page 261

Interpellation de M. Claude Adam au sujet de la violence des jeunes au Luxembourg pages 261-268

5813 - Projet de loi relatif à la modernisation du dispositif de sécurité du Centre pénitentiaire de Luxembourg pages 268-271

5764 - Projet de loi relatif à l'aménagement du contournement routier de Junglinster pages 271-274

5765 - Projet de loi relatif à la construction d'un Lycée à Junglinster pages 274-276 page 291

Interpellation de M. Félix Braz au sujet de l'évolution de notre système de pensions pages 277-284

Interpellation de M. Jean Huss au sujet de la politique du Gouvernement en matière de pollution de l'habitat et de la qualité de l'air intérieur pages 284-289 page 291

Déclaration de M. Luc Frieden, Ministre de la Justice, au sujet du rapport de l'Inspection générale de la Police pages 289-290

Établissement d'une liste de trois candidats pour un poste de Conseiller d'État page 290

Désignation d'un membre du Centre pour l'égalité de traitement page 290

5797 - Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée pages 291-292

5773 - Projet de loi déterminant le principe de la récidive en matière de faux-monnayage et introduisant un article 57-1 au Code pénal pages 292-293

5683 - Projet de loi portant modification de la loi du 17 mai 2004 relative à la concurrence pages 293-299

5550 - Projet de loi portant adaptation du droit interne aux dispositions du Deuxième Protocole relatif à la Convention de La Haye de 1954 pour la protection des biens culturels en cas de conflit armé, signé à La Haye, le 26 mars 1999 page 299

5736 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Croatie dans les domaines de la culture, de l'éducation, de la science, de la jeunesse et du sport, signé à Zagreb, le 22 février 2007 page 300

Chamber TV

*weist all öffentlech Sëtzung*

**live an integral**

*mat enger Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un*